FÉDUSE
Enseignement
CGFP

**Fédération des Universitaires au Service de l'État**
**Enseignement**
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2018

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Wéi dir schonn an eisem *Communiqué vum 20. September 2018* liese konnt, wäert den informateschen Outil fir d'Gestioun vum nei geschaaften **Zäitspuerkont (CET)** am Enseignement eréischt fir déi kommend Rentrée fäerdeg programméiert sinn. Ab dann wäert dee vun iech gewënschten Undeel vun ären Iwwerstonne kënne Mount fir Mount automatiséiert ugespuert ginn.

Iwwert dëse Retard vu praktesch engem Joer fir d'Enseignante par rapport zum Rescht vun der Fonction publique fir an de volle Genoss vum CET kommen, goufe mir als Féduse/Enseignement-CGFP eréischt um Enn vum leschte Schouljoer vun de Responsabelen aus dem Ministère just *informéiert.* Well mir op d'Programmatioun vum noutwendegen informateschen Outil keen Afloss hunn, hu mir dës Verzögerung zähneknirschend zur Kenntnis geholl. Gläichzäiteg hu mir awer kloer ze verstoe ginn, dass mir drop bestinn, dass den Enseignant och elo direkt scho vu sengem Recht Gebrauch maachen däerf, **fir seng wärend dem aktuelle Schouljoer 2018-2019 geleeschten Iwwerstonne keng Avancen unzefroen, mam Ziel se kënnen op den CET anzebezuelen**, esoubal den informateschen Outil prett ass. Well d'Schlussofrechnung vun eiser Tâche jo souwisou eréischt laang nom ofgelafe Schouljoer erfollegt, schwätzt näischt dogéint, fir dëst och scho fir dat aktuellt Schouljoer z'applizéieren.

Säit dem Ufank vum Schouljoer erreechen eis allerdéngs **ganz ënnerschiddlech Echoen aus deene verschiddene Lycéeën**. Wärend verschidden Direktioune kee Problem domat hunn, wann en Enseignant op d'Ausbezuele vun Avancen op seng Iwwerstonne verzichte wëll, sou kréien aner Enseignanten dëst net erlaabt oder zumindest dovun ofgeroden.

**De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP fuerdert, dass et all Enseignant selwer iwwerlooss bleiwe muss,** wéi een Undeel vu sengen Iwwerstonnen hie wëll iwwert Avancen ausbezuelt kréien, resp wëll fir d'Schlussofrechnung stoe loossen, fir se kënnen (bis zum gesetzleche Maximum vu 4,4 Leçons pro Schouljoer) op sengem CET unzespueren. Fir eng landeswäit Vereenheetlechung ze garantéieren, muss eng **kloer Consigne** diesbezüglech **vum zoustännege Ministère un all d'Direktiounen** erausgoen.

Zum Dossier *Iwwerstonnen* wäert eng vun eise **Fuerderungen un déi kommend Regierung** sinn, dass dës endlech sollen ouni Facteur réducteur a mat normalem Koeffizient berechent ginn, genau wéi normal Stonnen. Schliisslech handelt et sech jo dobäi och em eng Surtâche vu méi Klassen an net em einfach méi Zäit fir déi normal Tâche, fir déi en agestallt ass a bezuelt gëtt. Mir Enseignante sinn net verantwortlech dofir, dass mir iwwerhaapt dës Surtâchen hunn, mee mussen si akzeptéieren, fir de Schoulbetrib um Lafen ze halen. Dofir kann et net sinn, dass mir fir dee geleeschte Méiopwand een däitlech méi niddrege Loun kréien, wéi fir eis normal Stonnen. Donieft wäerte mir fuerderen, datt och am Enseignement „Iwwerstonnen" steier- a cotisatiounsfräi ginn, wann dëst am Rescht vun der Fonction publique agefouert gëtt.

D'Aféierung vum revolutionären Zäitspuerkont ass awer net déi eenzeg Neierung an der Fonction publique. Wéi dir sécherlech scho wësst, gouf kierzlech och den « **travail à temps partiel** » duerch d'Aféierung vu Palieren vun 90%, 80%, 75%, 70%, 60%, 50% a 40% flexibiliséiert.

Och an dësem Dossier gouf d'Féduse/Enseignement-CGFP just *informéiert*, dass partiell Tâche vu **70%** respektiv **80%** fir eis Enseignanten net accordéiert ginn. Argumentéiert gouf dës Restriktioun domat, dass et **den Direktioune quasi onméiglech ass, eng Tâche esou präzis zesummenzestellen, fir deene 5 Prozentpunkten Ënnerscheed zur 75% - Tâche Rechnung ze droen**. Opgrond vun der Komplexitéit vun der Berechnung vun eiser Tâche, besonnesch wann Koeffizienter applizéiert ginn, konnte mir dës Argumentatioun novollzéien, och wann déi domat verbonne Restriktioun innerhalb vun der Fonction publique alt erëm eng Kéier nëmme fir den Enseignement gëllt. Gläichzäiteg hu mir awer kloer an däitlech gefuerdert, dass **Enseignante mat enger 75%-Tâche op kee Fall esouvill Iwwerstonne kréien däerfen, dass si den nächste Palier, also 80%, iwwerschreiden.**
**Mir fuerderen, dass dat rigouréis agehale gëtt.**

**Souwuel d'Ëmsetzung vum Zäitspuerkont, wéi och vun der Deelzäitaarbecht wäert de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP jiddefalls genee am Ae behalen, a keng onfair Diskriminatioune par rapport zum Rescht vun der Fonction publique akzeptéieren!**

Mat beschte Gréiss,

de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP